N°7103
Entrée le 31.10.2022
Déclarée recevable et urgence non-reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 31.10.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 31/10/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bannenzeg Sécherheet, Aussenugeleeënheeten an Europa & Verdeedegung weiderzeleeden.**

D'Tageblatt beriicht an engem Artikel vun haut, dass eng onbestëmmten Unzuel u Waffen, déi vu westleche Länner an d'Ukraine geliwwert goufen, an d'Hänn vu Kriminelle komm sinn. Deemno hätte kriminell Gruppen, wéi zum Beispill d'Bandidos, et fäerdeg bruecht, fir d'Waffen, déi fir d'ukrainesch Arméi bestëmmt waren, ofzezweigen an um europäesche Schwaarzmaart ze verkafen. An Holland, Dänemark a Finnland goufe schonns Stuermgewierer fonnt.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ass vun der Regierung gewosst, ob och lëtzebuergesch Waffeliwwerungen ofgezweigt goufen?
2. Ass gewosst, ob och zu Lëtzebuerg esou Waffen um Schwaarzmaart zirkuléieren?
3. Ass gewosst, ob direkt Verbindungen tëschent de Bandidos zu Lëtzebuerg an der ukrainescher Zell existéieren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten